

### „Bicher op den Dësch ...!“


D'Equipe vum Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ bitt vun elo un en neie Workshop-Modell un:

„Bicher op den Dësch ...!“. Journée fir d'Personal aus dem Schoul- an Erzieungsberäich, Elteren a fir jiddereen, deen u Kanner- a Jugendliteratur oder un engem spezifeschen Thema interesséiert ass.

Mir bidden dës Journée zweemol d'Joer un. All Kéier beschäftege mir eis mat engem speziellen Thema.

#### Um Programm vum Workshop steet:

- eng méi theoretesch Aféierung an den Thema (kleng Virtrag, asw.)
- prakteschen Deel: „Wéi kann ech den Thema mat Hëllef vu Geschichten, Gedichter, Texter... mat Kanner erschaffen?“. praktesch Iddien, Virstellung vu Bicher a Material, Austausch vu gesammelten Erfahrungen, asw.
- Kaffispaus, déi Plaz genuch léisst fir Gespréicher, Austausch, Informatiounen ze sammelen, asw.



*Organisatioun a Leedung:  
Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ vun der ErwuesseBildung.*

Den Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ ass e Grupp vu benevolle Mataarbechterinnen, ënnert der Leedung vum Danielle Mertes. Reegelméisseg organiséiere si Aktivitéite ronderëm d'Kannerliteratur, schreibe Buchtippen a maachen d'Auswiel vun de Kannerbicher am Bicherzelt vun der ErwuesseBildung. Berufflech waren oder sinn si selwer och am educative Beräich aktiv - als LéierIn, Educatrice oder Katechetin.

### „Helden an der Kannerliteratur“

Kanner brauche Virbiller, fir sech an och hir Perséinlechkeet z'entwéckelen. Si sichen a fannen hir „Helden“ ganz oft a Geschichten.

Während dësem Workshop kucke mir, firwat et esou wichteg ass, dass d'Kanner op hirem Wee fir grouss ze ginn, vun „Helden“ begleitet ginn. Mir stellen lech e puer där „Helden aus der Kannerliteratur“ vir a weisen lech, wéi Dir de Kanner dës Virbiller an hir Geschichte méi nobréngé kënnt.

*Organisatioun: Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ vun der ErwuesseBildung asbl*

D'ErwuesseBildung asbl ass als Organisateur de cours de formation professionnelle continue duerch e ministerielle Beschloss vum 11.10.2011 vum deemolege Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle unerkannt.

☛ Dës Veranstaltung kann als Formation continue vun den zustännegen Instanzen unerkannt ginn. Op Wonsch stelle mir gären e Certificat de participation aus. Frot w.e.g. bei Ärer Umeldung dono.

Gëllt just fir d'Personal aus dem Schoulberäich (Léierpersonal oder Educateuren / Educatricen, Bibliothekarinnen):

☛ Dëse Workshop fannt Dir op der Internetsäit vum IFEN ënnert dem Titel: „Journée Bicher op den d'Dësch: Helden an der Kannerliteratur“ (Code D1-d-23)

☛ Mellt Iech w.e.g. iwwert dëse Link un : <http://www.formation-continue.lu/descriptionformation?idFormation=22703>

Fir LéierInnen an Educateuren/ Educatricen aus dem Schoulberäich ass dës Formatioun gratis. D'Onkäschte gi vum IFEN gedroen.

## Coursnummer: 194360M

🕒 **e Samschdeg, de 15. Juni 2019 vu 9.00-16.30 Auer (inkl. Mëttespaus: 12.00-13.30 Auer)**

📍 an der ErwuesseBildung (Centre Convict, Entrée G / RdC)  
5, avenue Marie-Thérèse,  
L-2132 Luxembourg

€ 160 € (inkl. Kaffi a Croissant)

👤 Léierpersonal (Grondschoul, Educateuren, Educatricen, Dageselteren, Elteren a jiddereen, deen interesséiert ass).

🗨 lëtzebuergesch, däitsch a franséich

👥 max. 25 Persounen

✓ Umeldung: [info@ewb.lu](mailto:info@ewb.lu) oder Tel. 4 47 43-340 bis den 03.06.2019

✓ Gitt w.e.g. d'Coursnummer 194360M un.

✉ Danielle Mertes, ErwuesseBildung, [danielle.mertes@ewb.lu](mailto:danielle.mertes@ewb.lu)

📖 Matbréngen: E Buch / eng Geschicht (ev. eng Figur) mat Ärem perséinlechen „Held“

✓ Mëttegiessen: Jidderee ka sech selwer organiséieren. Et kann op der Plaz e Repas tiré du sac giess ginn. Et besteet awer och d'Méiglechkeet, an der Ëmgegëgend eppes iessen ze goen.